n° 3419

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 12:11, 12/01/2021

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den Ament ass Wanter an et ass fréi däischter owes a wéinst dem Covid-Virus sinn net vill Foussgänger an der Stad ënnerwee an d'Leit si maskéiert. Dat sinn ideal Viraussetzunge fir Iwwerfäll.

An deem Kontext wollte mir dem Här Minister dës Froe stellen.

1. Wéi vill Strofdoten - a ganz besonnesch Iwwerfäll - sinn der Police um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg gemellt ginn an de Méint November an Dezember 2020?

2. Ass eng Zounam vu Strofdoten an Iwwerfäll - am besonneschen an de Méint November an Dezember 2020 - fest ze stellen am Verglach zu de leschte Joren?

3. Huet den Här Minister Informatiounen, déi drop hindeiten, datt an deem Kontext d'Policeaarbecht duerch de Fakt, datt d'Leit maskéiert sinn, méi schwéier duerch ze féieren ass, ewéi soss?

4. Op der anerer Säit gouf vun der Regierung eng Ausgangsspär decidéiert, déi all Owend um néng, respektiv, um eelef Auer a Kraaft trëtt. Huet dëst zu engem Ofhuele vu Strofdoten an der Nuecht gefouert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 12 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3419 du 12.01.2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser et de Monsieur le Député Fred Keup - Délinquance

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés